

Knadderknadder...

Mir sinn esou schrecklech frou mat all deem, **wat zu Bréssel gekniwelt gëtt...** och wa mir d'Knätzelen herno dacks net méi erauskréien. Wat e puer Dose Joer laang do als 'Direktiven /Richtlinien' esou onschëlleg verkleet aus Eurokategackelcher gekroch ass, kritt haut 'force de loi', well him zu Stroossbuerg eng parlamentaresch Käppchen opgesat gëtt.

Datt mir op verschiddene Gebitter wéinst eiser zimlech spezieller Situatioun de 'Féissi' net heiansdo gerechterweis an d'Dier gesat hunn, fir **eng verstänneg 'Extrawurscht'** ze kréien... ze spéit. Ower nach ëmmer Zäit, fir sech plazeweis domat ofzeginn: z.B. wat eis Sproochsituatioun ugeet.

Déi Lëtzebuerg **Affekote** sinn natierlech vru Joere vu Freed an d'Luucht gesprong, wéi et geheescht huet, d'Grenze wieren an der EU fir hir 'Konfrateren' (also och fir si!) elo 'weidenaffen' op. Klorerweis ass et fir e lëtzebuergesche Jurist (k)eng Affaire, fir op Dijon oder Düsseldorf plädéieren ze goen, sproochlech, versteet sech; ower en ungarische Rechtsspezialist, deen eng 'Saach' a Portugal soll stemmen... wéi stelle mir äis dat vir... ouni elo vun de verschiddene 'Rechtsslagen' an de 27 Länner ze schwätzen, Grujelgrujel!

Datselwecht gëllt och fir e Lëtzebuerg a Bulgarien... mä wou fënnt dann do eng Gisse-Mamm hir Fierkelen erëm? Do och nach a kyrillescher Schrëft; wéi wann et net ewell mam griecheschen Alphabét duergang wier. 'Si' schloen sech natierlech mat Kollege-Vertriedungen doduerch, mä **et ka kee behaupten, datt an deem Gewulls näischt vum Fong a Fuedem vuner Saach geng verluer goen...** loosst mer léiwer net drun denken, wat bei deem Hin an Hier mam Präiss vun den 'Honorairen' lass ass... Mä dat soll jo da Juriste-Saach bleiwen, wéi och ëmmer. Nëmme!

Et geet knapps rieds vun der **'Klientell' an de juristesche Sträitsaachen**. Wie versteet nach wien... oder net? Wien d'Pan ower muss klaken, dat wäerten déi zwou Parteien ower all Kéier gewuer ginn, wann déi sougenannt *'Mémoires d'Honoraires'* an d'Haus gefladdert kommen; schléisslech mussen se alleguer liewen, gelldir, majo nedir.

Elo ass dann nach **eng aner genial Saach fäerdeg: Och d'Notairen hunn elo alleguer an deene 27 EU-Länner d'Dieren op**. Wéi dat 'geet', misste Spezialisten äis erzielen, am Sënn vum Ausdrock: 'auserneendinn'! An eisem Sprooch(e)gesetz vun 1984 steet ganz däitlech, datt an administrativen a juristesche Froen zwar 'eis' 3 Gebrauchssproochen zougelooss sinn... mais que **'le français fait foi'**! Dat muss dann elo och ze denke ginn. An den notariellen Akte steet ëmmer esou 'getreisch', datt de Keefer/Verkeefe säin Akt vum Notaire explizéiert guff **'dans une langue par lui/elle connue'**. Et versteet sech, datt dat hei och d'Lëtzebuergesch war/ass. Mä wéi steet et dann elo mat der Praxis? Wéi erkläert e spueneschen oder sloweneschen Notaire dem 'Déngens Mett', wat do an engem Akt steet... a stellt iech emol vir, de gudde Mett ass net grad am Franséischen oder Engleschen 'doheem'; datselwecht kann een sech just emgedréint denken... dat ass wierklech Babel. Oder hätte mir besser, dat wéi esou sëllegen an deem Ganze Gedéngels **'EU-Schilda'** ze nennen.

Och hei stéisst et engem rëm erop, datt en Europa ouni eng obligatoresch 'Iwwersprooch' net éierbar ka funktionéieren; vun deer ganzer Iwwersetzerei hale mir jo, wat mir wëllen/ kënnen. Datt mir et ouni mat den Oueren ze wackelen zougelooss hunn, datt (bis op eis!) Sproochen an der EU als 'offiziell' zougelooss gi sinn (Irlännesch, Maltesesch, och nach Serbo-Kroatesch an Islännesch), déi net vu méi, wann net nach manner Leit gebraucht gi wéi d'Lëtzebuergesch... dann ass dat ganz sécher ee vun de villen 'Trapwizen' aus der ganzer EU-Zäit! **Mä mir si kleng... a reng... a vrun allem fein, gelldir!**

Fuer duer!

Am **Putty Stein** sengem Wierk, dat de Guy Schons mat esou vill Léift a Kënnen dräibänneg erausginn huet, fanne mir e Gedicht, dat heescht *'Fahr ihm dar'*, an anere Wieder *'fuer duer'* (leg los!), oder *'gëff em es'* (gib ihm Saueres!)... fir kee vu Münster oder Leipzig ze verstoen... well et EISES ass... huet dir d'Buch, dat esou heescht?.

Leider denken net schrecklech vill Leit iwwer dese Phenomän aus eiser Sprooch no, wann et driwwer hier geet; déi allermescht kucken ower grouss (a frëndlech), wann een hinne ganz roueg mat deer Beispiller kënnt. **Dat lëtzebuergesch 'duer' huet nach en etlech Bedeitungen, déi mir all kennen, wa mir äis druginn, fir emol ze sichen: ha ferm duer!... et geet elo due! ech ginn elo net duer... et geet elo déck duer... dat huet laang duergehal** asw. Dir fannt der Beispiller an Ausdréck nach. E Sport wéi en aneren.

Hei ka jo kee behaupten, dat wier ze al, museal, puristes, normativ, a wat et dees Gescheite mat spatzem Mëndchen nach fir déi gëtt, deenen d'Lëtzebuergesch souwisou egal ass... mä dat soen se net ☺.

413... abeejo!

Sou vill verschidde Punkte ginn an deer **Broschür** behandelt, an deer vun 2 Ministèren en *'Nachhaltigkeitsplan'* mat *'Leitfaden'* als *'strategesch Dokument'* virgestallt gëtt. Ass dat dann näischt? Dach, et ass eppes, a wien sech Suerge fir eise Kanner a Kandskanner hirt Land mécht, dee kann d'Iddi an d'Praxis nëmme ënnerschreien.

Vun eiser Säit ower eng Fro: Wéi ass et mat dem 'strategesche Plang', fir datt et och eng Broschür fir d'Weiderbestoen, dat verstänneg Erhale vun eiser Sprooch, dem beschte Stéck vun eiser identitärer Émwelt ka ginn? Ouni eng zerguttst **Aarbecht fir de Fong vum Staat Lëtzebuerg, seng Geschicht, seng sozial an economesch Entwécklung, säi spezifescht kulturellt 'Gesicht'**, bleibt eng Kéier rosewéineg vun engem souveräne Grand-Duché Lëtzebuerg iwreg. Wien hëlt sech deer Saach-éierlech!- un... eis Constitutioun? ☺

vum Lex Roth



Niewelaa(n)scht...

Dir gitt net bal eppes méi Typesches wéi deen Ausdrock an eiser Sprooch sichen. Gewëss ass dat 'niewe-' just dat Houdäitsch 'neben'... mat deem spezielle mëlle 'w', deen de 'b' aus der däitscher Héichsprooch ersetzt... *Abend, über, aber, färben, Reben...* = Owend (avond, evening!), **iwer, ower, fierwen, Riewen...** op wëssenschaftlech gestelzt geet do rieds vun 'intervokalischer Lenisierung der Labiallaute mittels Frikativen'; dat mécht besser, gelldir.

Mä huelt emol 'niewelaanscht' a bedenkt, watfir Bedeitungen dat kann hunn: een, deen *niewelaanscht* schafft oder eng Wiertschaft huet; e Luussert, *deen niewelaanscht geet*; eppes esou *niewelaanscht* soen... dat **'laanscht' ass wierklech intressant**, och nach zesummegeesat mat 'do-' oder 'hanne-'. Wat ass dann een, dee fir d'Fransousen *'à côté de la plaque'*...mä *dolaanscht*, oder laanscht den Dill! Wann iwver ee geklaapt gëtt, dann heescht et och nach, et giff *'laanscht' e gemaach...* dir fannt dees garantéiert nach e sëllegen. 'Da kommt emol eng Kéier *laanscht'*, soen der vill... a si frou, wann dir wierklech laanscht gitt an net era kommt ☺. Zu **Wolz** gëtt et eng schmuel Gaass, déi hannert den Haiser vun der Groussgaass leeft: den *Hannelaanscht* = *Hannela(n)st*; praktesch oniwwersetzbar!

Vosskuhle?

Dat ass mir dëslescht als **däitsche Familljennumm** opgefall; si hunn deer Nimm kéipweis, déi genee op d'Urelteren an hirt Émfeld weisen. Mir hunn deer net esou schrecklech vill... ower **bal jidfer Duerf déi Säit vun der Our, der Sauer an der Musel ass hei am Land als Patronym (=Familljennumm) vertrauden**; huelt emol eng Kaart a kuckt.

Deen Numm vun hei uewe kënnt et ower och bei äis ginn: 'Voss' ass nidderdäitsch fir 'Fuuss', *'Kuhle'* ass genee eis 'Kaul'. Domat giff deer ee bei äis **'Fuussekaul'** heeschen. Hei am Land gëtt et am Kadaster eng Maandel voll Fuussen- a Wollefskaulen, mä kee Familljennumm, deen dorop weist. An der Zäit hat dee fréiere Propriétaire vum Terrain bei Heischent mech gefrot, wéi hien säin neie **Camping bei de Feelenerhecke** soll nennen. 'Heischer Camping', 'Camp forestier', 'Camp de l'Oesling'...? Ech hunn hie gefrot, wéi et dann am Kadaster sténg: **Fuussekaul**. An, dat war et... bis haut!

Sprossen?

En aktuellen Artikel,

[deen an der Woche-Rubrik 'Rondrëm eis Sprooch/Sonndeszeitung RTL.lu war.](#)

Ech weess, an dir och, dat eis Sprooch eng ganz déck 'Leitung' vum Däitsche aus huet; dat ass net verwonnerlech: Wann dir an d'Nidderlännescht, dat Dänescht oder Schwedescht, firwat net och an d'Englescht kucke git, da wimmelt et och do vun Ausdréck, déi **direkt aus der haaptgermanescher Sprooch, dem däitschen Idiom**, kommen.

An dese Wochen ass erëm eng 'gutt' Geleeënheet gewiescht, **fir sech sproochlech mat enger Saach ofzeginn, déi vill Misär mécht: den 'Ehec'**. Fir d'éischt sollten et jo d'Cornichonge gewiescht sinn; iwregens och deer Wieder eent, wou ee sech ka froen, firwat mir dee franséischen an net direkt deen däitschen Ausdrock gebrauchen... iwver déi Fro wier jo allgemeng e ganz Buch, a firwat net eng Diplomaarbecht ze schreien. Et schéngt, wéi wann op der Musel plazeweis vu 'Gorreke' rieds wier. Déi arem Spuenier an och d'Polen hunn dann emol d'Pan misse klaken... bis datt et un den Tomate war... an dann endlech un de 'Sprossen'!

Knouterknouter: Mir hu keng 'Sprossen'. Dat si bei äis **'Kéngen'**! Am Franséische geet vu 'pousses' rieds, vläicht och nach 'germes'. Wat ausschéisst, wann de Som quëllt a schafft, dat sinn hei nun emol Kéngen, an zwar net nëmme bei de Gromperen am Leeër oder bei den Énnen a Schalotten oder dem Knuewelek, wann se ze laang gutt temperéiert am Schaf leien, aplaz an der Loft ze hänken ☺.

Bei enger Leeder schwätze mir och net vun engem 'Spross', mä vun engem **'Sprass'; de Pluriel ass 'Sprëss'**. Komesch: Mir hunn och esouguer näischt mat *'Sommer sprossen'* ze dinn; gelungenerweis sinn dat am Lëtzebuergeschen dach **'Speechelen'**, vläicht och nach e bësse méi graff **'Méckeschëss'**. D'Verb 'spriessen' ass eises och näischt; do soe mir einfach 'kommen' a jeenodeem vläicht nach 'opgoen', 'ausgoen' oder... **kéngen**.

Intressant wier et an diesen Zesummenhäng iwverhaupt nach, sproochlech op dat onappetitlecht **Gebitt vu Verdierwen a Vermuschte vu Liewesmëttelen** anzegoen. Kennst dir den Ausdrock vum 'greezege' Miel oder Brout, vu 'muedzegen' Äppel oder Biren, 'mouerzege Kochelen/Dréischelen', 'faulzegen' Eeër, Drauwen. Beim Botter ass eise Gebrauch einfach Däitsch: ranzeg... mä an engems franséisch, well do ass et 'rance'.

Ech sinn iwverzeegt, datt et a villen Haiser nach ganz intressant Ausdréck rondrëm de Gedanke vu verduerwene Saache gëtt a wier irwëtzeg, deer emol nach ze héieren, well engem dee ganze Quascht jo hei net fir déi 'Mipserei' afale kann.

An deem Zesummenhäng: *'Mipsen'* ass typesch Lëtzebuergesch, grad ewéi *'mouerzen'*, ower *'fachen'* aplaz einfach sténken ze soen, dat ass vill méi schaarf, a wien sech laang net gewäsch huet a keng besonnesch gesond Haut, do schwätze mir jo och nach vu *'wëlzen'*, wat mir ower eng Grimmele ze rassistesch virkënn, well déi 'Schwarz' jo net nëmme 'Negere' genannt gufen (Latäin 'niger'=schwarz), mä och nach déi 'Wëll'; dat ass ee Gléck eriwver.

Loosst mer hoffen, datt 'si' geschwënn en zerguttstert Mëttel géint dee Sch... vun Ehec fonnt hunn; entschëllegt d'Ausrutschen, ower hei ass et dach wierklech op der richteger Plaz. Vläch ass dat ower éischer de Fall, wéi datt **eppes géint den Ehec vum Lëtzebuergeschen** entdeckt gëtt ☺.

Dir 'wibbelt' fir an d'Vakanz? Mir och... a vergiesst vläch net, iech e Buch op Lëtzebuergesch anzepaken. Wie weess? Op jidfer Fall: All Guddes!...bis den 1. Oktober ☺☺☺